# PARBLAT

Communauté pastorale
"vun der Mess"

6/2014

BULLETIN PAROISSIAL
Bettange-Dippach-Ehlange-Limpach-Reckange-Schouweiler-Pissange-Roedgen-Sprinkange



## Vakanz

Do geet ët ëm de Wonsch,
d'Belaaschtungen an d'Routine vum Alldag hannert sech ze loossen.

Vakanz, dat heescht: Ofstand kréien zu deem, wat ee soss beschäftegt.
Jiddfer Mënsch brauch sou Zäiten:
Zäiten, fir sech ze erhuelen, fir auszespanen.
A jiddfer Mënsch verbrengt seng Vakanz op seng ganz perséinlech Manéier.
Allerdings: D'Vakanz schléit an de Portmonni.
Wat maachen déi, deenen den néidige „Goss" feelt?

D'Vakanz muss äwer nët eng Saach si vu ville Suen. Vakanz as eng Fro, wéi ech mat mir selwer ëmginn.

Vakanz maachen heescht:
Ech weess, dass ech nët nëmme liewen, fir ze schaffen.
Ech däerf mer erlaben, mer eppes ze gonnen.
Ech däerf mer erlaben, dat ze maachen, wat mer Spaass mecht.
Ech huele mer Zäit, fir Neies kennenzeléieren.
Ech huele mer Zäit fir Geselligkeet.
Ech huele mer Zäit fir ze raschten…an souguer fir ze faulenzen.

Dat Wuert „Urlaub" kënnt nët fir näischt vum Wuert „erlauben – sich erlauben"

Vakanz heescht: Nët eleng deng Leeschtungen zielen an deng Aarbicht.
Du selwer bass wichtig.
De Karl Valentin, de grousse Komiker sot eng Kéier: „Heute will ich mich besuchen. Hoffentlich bin ich daheim!"

Vakanz: bei sech doheem sinn a gutt si mat sech selwer – egal wou ee seng Vakanz verbréngt.
Ët wir flott, wa mer dat géife fäerdeg bréngen, ouni musse vill Suën auszeginn.

*Kommt all hei bei mech, déi dir iech kristillegt a schwéier Laaschten ze droen hutt; bei mir kënnt dir raschten.*

*Mt 11, 28*